

Lëtzebuerg, den 7. Abrëll 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*« Am Sënn vun der Kreeslafwirtschaft an dem Schounen vun de Ressourcen soll iwwer déi nächst Joren den Undeel un Offall, dee muss verbrannt ginn oder an eng Décharge kommen, sou wäit et geet reduzéiert ginn. Trotzdeem ka kaum dovun ausgaange ginn, dass dës Fraktioun an noer Zukunft op Null erofwäert goen.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Wéi vill Tonnen Offall vun de Kategorien « déchets ménagers, assimilés et encombrants » sinn an de leschte fënnef Joer pro Joer verbrannt ginn, an eng Décharge komm oder hu missen exportéiert ginn ?*
- *Fir de Fall, dass Offall vun de Kategorien « déchets ménagers, assimilés et encombrants » exportéiert ginn ass, fir am Ausland eliminéiert ze ginn, wat waren d'Grënn heifir ?*
- *Wéi vill Tonnen Offall vun de Kategorien « déchets ménagers, assimilés et encombrants » sinn an de leschte fënnef Joer pro Joer ugefall, déi net kënne verbrannt ginn, mee müssen an eng Décharge kommen ?*


9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *Wéi schätzt d'Madamm Ministesch d'Evolutioun vun de Quantitéite Offall vun de Kategorien « déchets ménagers, assimilés et encombrants », déi all Joer ufalen, iwver déi nächst 10 Joer an ?*
- *Ginn déi aktuell Kapazitéiten vun der Verbrennungsanlag zu Leideleng an der Décharge Muertendall duer, fir den Offall vun de Kategorien « déchets ménagers, assimilés et encombrants » vun den nächste Joren ze behandelen ?*
- *Et ass ons zu Ouere komm, dass de Gemengesyndikat SIGRE seng Décharge wäert ausbauen, kann d'Madamm Ministesch dat confirméieren ?*
- *Wéi vill nei Kapazitéiten wäerte sou geschaf ginn ? Fir wéi laang gëtt geschat, dass déi zousätzlech Kapazitéiten duerginn ?*
- *Wat ass de Käschtepunkt vun dësen Aarbechten ? Wéi vill Subsiden ginn an deem Kader iwver den Ëmweltfong ausbezuelte ?*
- *Sollen d'Kapazitéiten vun der SIDOR och an den nächste Joren erhéicht ginn ? »*

Mat déiwem Respekt,



Carole HARTMANN  
Deputéiert



Gilles BAUM  
Deputéierten